ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 4839
Reçue le 12.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.08.2021

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

D'Héichwaasserkatastroph vum 15.7.21 huet souwuel bei Privatleit wéi un ëffentlechen Infrastrukture vill Schied verursaacht, sou och un der Stroumzentral vu Rouspert, déi zanter hier net méi a Betrib gaangen ass. Sou wéi et mir zougedroe ginn ass, war och d'Stauwier tëschent Rouspert a Rooljen zäitweis net méi ënner Kontroll an d'Energieversuergung vun der Pompelstatioun an der rue du Pont zu Rouspert konnt net méi séchergestallt ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung den zäitlechen Oflaf vum Ausfall vun dem Stauwier, der Stroumzentral an der Pompelstatioun an der rue du Pont zu Rouspert dokumentéieren?
2) Wéi war d'Stroumzentral an der Woch vum 12.7.21 – 19.7.21 personell besat?
3) Wat ass alles ënnerholl gi fir de Betrib oprecht ze erhalen?
4) Wéini ass d'Zentral evakuéiert ginn?
5) Ass zousätzlech Hëllef vun baussen ugefuerdert ginn?
6) Wéi laang ass d'Stroumproduktioun vun der Stroumzentral Rouspert ausser Betrib?
7) Läit der Regierung e Bilan vun den entstanene Schied fir? Wa jo, wéi héich ass de Montant? Zanter dem 1.Juli 2001 gëtt d'Waasserkraaftwierk vun Rouspert duerch d'Firma Soler S.A. bedriwwen. Iwwert wéi e Wee ass d'Relatioun tëschent dem Staat an der Firma SOLER S.A. gereegelt? Wéi verdeelen sech an der aktueller Krisesituatioun d'Laaschte vun de Reparaturkäschten?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Energie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 14/09/2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°4839

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4839 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°4839 vum 13. August 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup zum Impakt vun den Iwwerschwemmungen vum 15.07.2021 op d'Lafwaasserkraaftwierk zu Rouspert**

1. **Kann d'Regierung den zäitlechen Oflaf vum Ausfall vun dem Stauwier, der Stroumzentral an der Pompelstatioun an der rue du Pont zu Rouspert dokumentéieren?**

D'Regierung huet den zäitlechen Oflaf beim Bedreiwer vun der Zentral nogefrot. De 14. Juli, also virum Héichwaasser, waren d'Wier an d'Maschinn 1 a Betrib. D'Maschinn 2 war wéinst Revisioun Aarbechten net a Betrib.

Ënnert Anerem folgend Evenementer si beim Bedreiwer vun der Statioun dokumentéiert:

De 14. Juli um 20h50 ass d'Wierklapp op manuelle Betrib ëmgestallt ginn a Ponts et Chaussées kontaktéiert gi fir Geschwemmsel mat engem Bagger eraus ze huelen.

De 15. Juli um 04h00 ass d'Maschinn 1 ausgeschalt ginn, well de Waasserspigel hannert der Staustuf staark geklommen ass an zu enger Reduktioun vum Gefäll, an doduerch der Leeschtung, gefouert huet.

Um 06h00 ass dunn de Betribsdirekter vun der SEO iwwert déi ëmmer méi kritesch Situatioun forméiert ginn.

Um 08h15 ass d'Waasser eng 10 cm an de Maschinnekeller vun der Zentral geklommen.

Um 10h45 huet d'Sauer ugefaangen den Terrain vum Kraaftwierk an dem Ëmspaanwierk ze iwwerschwemmen. A Récksprooch mam Betribsdirekter ass decidéiert ginn d'Kraaftwierk ze evakuéieren. Fir d'Stroumversuergung vun der Pompelstatioun ze garantéieren ass automatesch op eng Noutaspeisung vun der Creos ëmgeschalt ginn. D'Wier ass duerno iwwert een Noutstroumaggregat alimentéiert ginn. D'Quantitéite vum Waasser waren zu dem Ablack awer net méi ze bewältegen.

Den nämmlechten Dag owes um 20h00 ass festgestallt ginn dass de gesamte Maschinnekeller souwéi den ënneschten Deel vun der Maschinnenhal mat de Generatore geflut gi waren.

Den 20. Juli ass eng provisoresch Stroumversuergung vum Kraaftwierk hiergestallt ginn. Bis op Weideres leeft d'Pompelstatioun iwwert d'Creos Aspeisung.

2. **Wéi war d'Stroumzentral an der Woch vum 12.7.21 – 19.7.21 personell besat?**

An der Woch vum 12.07.2021 bis den 19.07.2021 war d' Zentral mat engem bis dräi Mataarbechter besat. De 14. Juli an de 15. Juli waren dräi Mataarbechter op der Plaz.

3. **Wat ass alles ënnerholl gi fir de Betrib oprecht ze erhalen?**

Et sinn eng sëllege Mesuren op verschiddenen Niveaue geholl gi fir de Betrib beschtméiglechst oprecht ze erhalen. Sou ass zum Beispill eng zousätzlech Tauch-Pompel agesat ginn, Hëllef a Material beim Rettungsdéngscht ugefuerdert ginn (déi awer ausgelaascht waren), zousätzlech Pompelen a Personal vum Kraaftwierk vun der SEO zu Veianen gefrot ginn, een Noutstroumaggregat an den Asaz komm fir d'Funktioun vum Wier sécher ze stellen, an d'Ponts et Chaussées hu mat zousätzleche Pompelen d'Pompelstatioun ënnerstëtzt.

4. **Wéini ass d'Zentral evakuéiert ginn?**

Wéi an der éischter Fro beschriwwen, ass de 15. Juli géint 10h48 evakuéiert ginn.

5. **Ass zousätzlech Hëllef vun baussen ugefuerdert ginn?**

Duerch déi kritesch Héichwaassersituatioun an der ganzer Regioun (de 15. Juli) ass d'Personal net u weidert Material komm. Dat Material an déi Hëllef waren awer an de fréie Moiesstonne beim Rettungsdéngscht ugefrot ginn. Dono goufen zousätzlech Pompele beim Kraaftwierk zu Veianen ugefrot. Déi sinn duerch d'Héichwaassersituatioun op de Stroossen tëscht Veianen a Rouspert réischt um 11h ukomm.

6. **Wéi laang ass d'Stroumproduktioun vun der Stroumzentral Rouspert ausser Betrib?**

D'Zentral zu Rouspert ass zënter dem 15. Juli um ca. 4h ausser Betrib. Et ass aktuell net anzeschätze wéini de Betrib rëm opgeholl ka ginn. Aktuell gëtt sech nach mat der Bestandsopnam vum gesamte Schued befaasst, wat nëmmen duerch den Demontage vun de Maschinne ka geschéien. Éischt Miessunge weisen dass d'Generatoren net méi a Betrib geholl kënne ginn.

7. **Läit der Regierung e Bilan vun den entstanene Schied fir? Wa jo, wéi héich ass de Montant? Zanter dem 1. Juli 2001 gëtt d'Waasserkraaftwierk vun Rouspert duerch d'Firma Soler S.A. bedriwwen. Iwwert wéi e Wee ass d'Relatioun tëschent dem Staat an der Firma SOLER S.A. gereegelt? Wéi verdeelen sech an der aktueller Krisesituatioun d'Laaschte vun de Reparaturkäschten?**

Et gëtt aktuell, wéi an der Äntwert virdru beschriwwen, un enger detailléierter Bestandsopnam vum gesamte Schued geschafft. Deemno läit aktuell nach keen detailléierte Bilan vir. An deem Kontext ass och den Assureur ageschalt fir eng méiglech (deelweis) Couverture ze klären.

D'Verhältnis tëscht dem Lëtzebuerger Staat an der SOLER S.A. ass an enger Konventioun vun 2003 gereegelt. Am Moment kann een nach näischt zu der Verdeelung an zur Iwwernam vum entstanene Schued soen.